PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Sozialversécherung weiderzeleeden.

Den 10ten Juni koum et zu engem trageschen Aarbechtsaccident, bei deem ee Mann vun 55 Joer säin Liewen huet misste loossen. Aarbechtsaccidenter mat déidleche Folgen sinn zu Lëtzebuerg opgrund vun eiser Gréisst seelen, mee leider eng Realitéit.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. 2019 waren eng 29 Inspecteurs du travail bei der ITM agestallt. 2021 ass bis op 96 Inspekteren eropgeschrauft ginn.
   Denkt de Minister dass et weider Inspekteuren braucht oder sollt éischter gekukt ginn, fir d'Aarbecht vun den Inspekteuren weider un den Terrain unzepassen, fir hier Aarbechtszäit esou effektiv ewéi méiglech ze notzen?

2. Wat fir weider Schrëtt sinn an den Aen vum Minister nach méiglech, fir d'Unzuel un déidlechen Aarbechtsaccidenter weider Richtung 0 ze drecken?

3. Am Rapport vun 2019 vun der Association d'assurance accident kann een Zuelen vum den déidlechen Aarbechtsaccidenter tëscht 2013 an 2019 noliesen. Hei koum et 2019 zu 16 Doudesfäll, dovunner 10 op der Aarbechtsplaz, 4 als Accident de trajet an 2 wéinst Maladie professionnelle. Am Rapport vun der ITM vun 2019 liesst een vun "nëmmen" 9 déidlechen Accidenter. Wann een d'Zuelen vun 2020 kukt, schwätzt AAA vun 7 déidlechen Accidenter op der Aarbechtsplaz, d'ITM kënnt nëmmen op 4. Dëst sinn nëmmen 2 Beispiller, wou d'Zuelen net iwwerteneen stëmmen.
   Wéi erkläeren sech d'Ministeren dës ënnerschiddlech Zuelen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député